ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°4010

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:36, 01/04/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Viru kuerzem huet de Gesondheetsministère eng Ëmfro iwwer Schlofstéierunge verschéckt. De Bréif fir dës Ëmfro war a véier Sproochen, nämlech Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch disponibel, awer net op Lëtzebuergesch.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Aus wéi engen Ursaachen ass sech hei géint eng vun eisen dräi administrative Sproochen entscheet ginn, obwuel souguer net administrativ Sprooche berécksiichtegt goufen?
2) Wien huet des Decisioun geholl? Gesäit d'Madamm Minister dann doran eng Diskriminéierung vu Bierger mat Lëtzebuergesch als Mammesprooch?
3) Wéi gesäit d'Madamm Minister dëse Virgang am Zesummenhang mam Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:47, 09/04/2021

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 9 avril 2021

Réf. : 837xb6837

Concerne: Question parlementaire n° 4010 du 1er avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 4010 du 1er avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant un "Questionnaire sur la qualité du sommeil".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 4010 du 1er avril 2021 de Monsieur le Député Fred Keup concernant un "Questionnaire sur la qualité du sommeil".

Et handelt sech an dësem Fall ëm eng Étude vun der Universitéit Lëtzebuerg (Luxembourg Centre for Systems Biomedicine, LCSB), an Zesummenaarbecht mat dem Luxembourg Institut for Health (LIH), der Integrated BioBank of Luxembourg (IBBL), dem Centre Hospitalier de Luxembourg (CHL) an dem Laboratoire national de santé (LNS) iwwert Schloofstéierungen am Kader vun der Parkinsonkrankheet oder aneren neuro-degenerativen Erkrankungen.

D'Roll vun der Gesondheetsdirektioun beschränkt sech op e „Facilitateur", well fir dass e representativen Échantillon vu Leit aus de Bevëlkerung kënnen vum Centre des Technologies de l'Informatique de l'Etat (CTIE) ugeschriwwen ginn, op Basis vum Registre national des personnes physiques (RNPP), muss dës Demande vun enger staatlecher Administratioun kommen.

Fir et z'erméiglechen dass an der medizinescher oder psychologescher Fuerschung e Questionnaire (Froebou) an enger bestëmmter Sproch kann ugewannt ginn, ass et noutwenneg, dass dat standardiséiert gemaach gëtt an dono op seng Validitéit gepréift gëtt. Dëst ass extrem wichteg fir die heegst méichlech Fuerschungqualitéit ze erreechen, an d' Äntwerten mat deenen vun internationalen Studien vergläichen ze kënnen. Esou Questionnairen an der Fuerschung ginn an der Regel a Sproochen erstallt, déi a villen Länner op der Welt geschwat ginn. Fir an engem klengt Land wéi Lëtzebuerg gëtt et leider esou standardiséiert Questionnairen oft net. Selwer esou ee standardiséierten Questionnaire opzestellen ass extrem Zäitopwenneg an deier, well de Questionnaire muss dann eng ganz Rei Validatiounsstudien duerchlafen, ier et an der Fuerschung ka benotzt ginn.

D 'Universitéit vu Lëtzebuerg huet dofir décidéiert d' standardiséiert Versiounen vum Questionnaire op Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch ze benotzen, well dës Versiounen schonns disponibel waren.

Den Gesondheetsministère ass nett der Meenung, dass d' Lëtzebuerger doduerch diskriminéiert sinn, well d' Lëtzebuerger, am Allgemengen, op mannst eng vun dësen Sproochen gutt beherrschen.